LOUTRES NEWS



Okt. Nov Nummer 2/2016/2017

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

MONTEE 15-16. OCT

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

Loutres News N°02 2016/17

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Cheffen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegendrock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Schmit Ander
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Mersch
Tel: 32 74 58
Gsm : 621 613 285
E-mail: anderschmit@web.de

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu
info@scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

Les Loutres de Mersch asbl.

INVITATIOUN

« Les Loutres de Mersch asbl. » invitéiert Iech op hier Generalversammlung

Freides, den 21. Oktober 2016

um 19.30 Auer am Home um Haardter Wee.

Mir géifen eis freeën Iech alleguer begréissen ze dierfen.
Ordre du Jour vun der Generalversammlung:

- Begréissung duerch de President
- Rapport vum Groupe
- Rapport vum Secrétaire
- Rapport vum Trésorier
- Rapport vun den „Reviseurs de caisse“
- Décharge vum Komitee
- Nei Komitteesmëmberen
- Projets 2017
- Divers

De Komitee

Duerno geifen de Komitee an d'Cheféquipe sech fréen Eech op engem Patt an engem Breidchen mei noo kennen ze leiren.
Ween well, kann gären en drechnen Kuch matbrengen.

Mir sichen Memberen fir an de Komittee. Wann der drun interesséiert sidd am Komittee matzeschaffen, meld iech w.e.g. email op niccon@pt.lu.

Cotisatioun 2016-17

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, daat heescht eis Zeitung “d´Loutres News”, “De Scout” ze kreien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jidereen eng Cotisatioun vun **25€** bezuelen.
D‘Scoutsjoër as vum 1.9.2016 bis 31.08.2017

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kreien.

25€ (43€ fir nei Memberen)

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Les Loutres Mersch
Mention : « Cotisation 2016/2017»
Numm a Virnumm vum Kand

W.E.G. denkt drun är seier wie Cotisatioun ze bezuelen bis den 15 Oktober 2016.

Journée de la Commémoration National

Mir hoffen och dech desen Sonnden ze gesinn. Umellen muss de dech net.

Rendez-vous: Sonndes den **09. Oktober 2016**, um 10:00 Auer beim neien Fussballsterrain. (Parking Schlasspesch)

Mathuelen: Tip Top Uniform um Rendez-vous, an wann néideg, eppes géint de Reen. Déi Leit dei nach keng Uniform hun sollen sech fir desen Daag einfach blo undoen.

Fir ween : Fir all eis Memberen vun jengsten Beaver bis den elsten Rover oder Comiteesmember

Zereck: De selwechten Daag, géint 11:45 Auer bei der Mierscher Gemeng.

Montée 2016

Gudde Moien, Beaver, Wellefchen, Scout an Explorer,

- Zait ass komm fir verschidden Beaver, Weleffcher an Scouten d'Branche ze wiesselen. Si sinn elo aal genuch an hunn un Erfahrung gesammelt fier eng Branche mei heich ze kommen.
- Oder du bas dest Joer reischt an de Grupp komm, da mes du dain Verspriechen a kriss dain Foulard.
- Wanns du weder Branche gewieselt hues nach Verspriechen mes, dann brauche mer dech och um flotten WE fir die aaner an Branche opzehuelen.

WICHTEG: Bass du an den Beaver dann derfs de just mat op den WE wanns du d'Montée an d'Weleffcher mess.

D'Montée spillt sech um Weekend vum 15.-16. Oktober um Misärshaff oof.

Rendez-vous: Samstes den 15. um 14:00 Auer op der Gare zu Miersch

Zreck: Sonndes den 16. Um 15:45 op der Gare zu Miersch

Mathuelen: Rucksack, Schloofsack, (Carry-Mat fir Scouten an Explorer) Gamelle & Besteck & Becher, Schlappen, deck Schung, Pyjama, Kichenduch, Wäschsaachen, dem Wierder ugepassten Gezei, an natiirlech gudd Laun.
<u>Scouten an Explorer: Weissen T-Shirt oder Pullover fir eng Bastel</u>

Praiss: 25 Euro sinn bis den 10.10.15 op den Kont vunn den „Les Loutres Mersch" ze bezuelen
mat der Mentioun: „Montée 16 & Numm vum Kand".
CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000

Umellen: bis den 10.10.2016 op www.scouts-loutres.lu, oder um Tel.: 691 32 89 16 beim Michel Grüneisen (1,Hosbich, L-7598 Reckange)
Wann dier ierch iwwer Handy umellt dann nemmen noo 17 Auer an SMS kennt der all Zeit schreiwen

Ween mecht Montee: All Beaver deen lo 8 Joer aal ass.
All Wellefchen deen lo 11 Joer aal ass.
All Scout deen lo 15 Joer aal ass.
Bas du der onsecher da fro beim Vic no: Tel:691631616.

Verspriechen

Waat as e Verspriechen ?
Mat engem Verspriechen verflicht e Scout sech géintiwer engem oder méi aneren eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. Et ass also eng Ausso déi de Scout un een oder méi Leit bënnt.
E Scout engagéiert sech domat fräiwëlleg vis à vis vu sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, der FNEL, zu Lëtzebuerg, an an der Welt.
E Scout deen d'Verspriechen net anhält, get net bestrooft, mee steet domat ganz alleng virun all senge Frënn an och viru sech selwer.



WËLLEFCHER

Ech versprieche, mäi Bescht ze man,
fir e gudde Wëllefchen ze ginn
an all Dag engem eng Freed ze man.

SCOUTEN, EXPLORER A ROVER

Ech versprieche, mäi Bescht ze dinn,
fir meng Flischte géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer ze erfëllen,
fir no de Wäerter vum Scoutsgesetz ze liewen
a fir mech mat lech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt

Lenks Patt
Deng Cheffen

Beaver

Salut Beaver!
Mir hoffen dir hat eng super flott Vakanz an sidd lo voller Motivatioun fir an dat neit Scoutsjoer ze starten. E puer Beaver machen dëst Joer hier Montée an d'Wëllefcher, mee dofir kréien mir nei Verstärkung ☺

Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhänngech vum Wieder, dofir dot hinnen ëmmer Gezäi un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

Programm vum 1. Trimester

17. 09	Open-R
24. 09	Sortie Verspriechen
01. 10	Versammlung
08. 10	KENG Versammlung
09. 10	Journée Commémorative
15.-16. 10.	Montée (just fir déi Beaver, déi d'Montée maachen fir déi aner ass KENG Versammlung deen WE!)
22. 10	Halloween Party (verkleed an d'Versammlung kommen)

29. 10-06. 11 Vakanz (keng Versammlung)

12. 11	Versammlung
19. 11	Versammlung
26. -27. 11	Kreschtmaart zu Miersch (KENG Versammlung)
O3. 12	Versammlung
10. 12	Owesversammlung
17. 12	Versammlung
03. -05. 01	Camp

24. 12-08. 01 Vakanz (keng Versammlung)

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis weg un oder so per Mail Bescheed.

Malak (Paul)	621157585	Spitzky (Nora)	691687492
Keeo (Märri)	691820980	Blubb (Rony)	621750157
Reebou (Carole)	Tic Tac (Kim)	Hawky (Martine)	

Wëllefcher

Programm vum 1. Trimester

Wellef, Wellef!

Matt engem gefelltem Programm starten mir an 1. Trimester. Mir hoffen dir sidd matt voller Energie dobéi.

8.10 KENG VERSAMMLUNG

9.10 Journée Commémorative

15-16.10 Montée um Misärshaff

22.10 Versammlung

29.10-5.11 –Vakanz

12.11 Versammlung

19.11 Versammlung

26-27.11 Kreschtmaart zu Miersch

3.12 Versammlung

10.12 Versammlung

17.12 Versammlung

24.12-31.12 Vakanz

3.-5.01.2017 Neijoschtcamp

DENG CHEFFEN:

Andre Jorge CM - 621 715 985
Michel Grüneisen ACM - 691 328 916
Anna Bemtgen ACM
An Ennerstetzung vum Jacquie, Jenni a Carissia

Scouten a Guiden

Programm 1. Trimester

Salut léif Scouten!

No engem flotten an erliewnisraichen Summer geet dann elo nees en neit Joer un an zesummen mat lech werten mer dann flott Aktiviteiten maachen.

8. Oktober	keng Versammlung
9. Oktober	Journée commémorative
15. – 16. Oktober	Montée um Misärshaff
22. Oktober	Versammlung

Denk drun dech fir den Sauvage unzemellen

29. Oktober – 6. November	**VAKANZ**

12. November	Versammlung
19. November	Sortie op Diekrech (10:00-17:00)
26. – 27. November	Chreschtmaart zu Miersch op der Mëchelsplaatz
3. Dezember	Versammlung Kichelcher baaken (14:00-17:30)
10. Dezember	Versammlung Kichelcher verschenken
17. Dezember	Versammlung

24. Dezember – 8. Januar	**VAKANZ**

3. – 5 Januar	Neijoschtcamp an der Geisserei

Vergeiss net dech bei dengem CP oder SP oofzemellen wanns du net an d'Versammlung kanns kommen.

SCOUTSCHEFFEN:

Recht Philippe CT	691 812 917	mr_recht929@hotmail.com
Felten Jhang ACT	621 790 389	jhang.felten@gmail.com
Jacquie Linden ACT	621 433 486	jacquielinden60@gmail.com
Jenni Vosman ACT	621 662 114	jeny_vosman@hotmail.de
Carissia Demoutiez ACT	691 727569	cdemoutiez@gmail.com
Bertemes Louis ACT	661 327 280	bertemes-louis@hotmail.com

Salut Explorer!

D'Joer huet ioo schon mat vill Action ugefang a sou geet et och weider.
Hei ass den Programm fier dat eischt Trimester.WICHTEG:
Et kann sinn dass Versammlungen oogesoot ginn wengt Cheffenmengel, wann dat fierkennt gidd der natierlech informeiert oder mier fannen eng aaner Leisung.

1. Trimester

8. Oktober	KENG Versammlung
9. Oktober	Journée commémorative
15.-16. Oktober	Montée
22. Oktober	KENG Versammlung
29.10-6.11	Allerhelljen (keng Versammlungen)
12. November	KENG Versammlung
19. November	Versammlung
26.-27. November	Kreschtmaart
3. Dezember	Versammlung
10. Dezember	Versammlung
17. Dezember	Versammlung
24.12-08.01.2017	Kreschtvakanz
3.-5. Januar	Kreschtcamp

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

deng Respo'en

Michel Grüneisen	RUE	691 32 89 16	grueneisenmichel@gmail.com
Weyrich Jeff	ARUE	621 40 40 94	jeff.weyrich@gmx.com
Rick Kraus	ARUE	621 65 05 11	rick.cross@hotmail.de

De Wëllen

fnel scouts & guides

Zeitung vum Federalcamp Sauvage - 2017 NO. 01

Camp fédéral

Sauvage 2017

Am Joer 1354 ass vun e puer Jonken an engem däischtere Bësch en neie Stamm entdeckt ginn: Op verschiddene Wiseplaze verdeelt, lafe Leit ronderëm. Déi Gruppe sinn equipéiert mat Schëlter, Déieren, Geschir, Zelter a weess der Däiwel wat net nach!

Fir net selwer gesinn ze ginn hunn di Jonk sech dunn op engem Fiels, wou se den Iwwerbléck iwwert de ganze Site haten, verstoppt fir der gelungener Mënschemass nozekucken an ze verfollegen wat do géing lafen.

No e puer Deeg huet sech erausgestallt, dass se sech a verschiddenen Dierfer opgedeelt, sech mat Paarten an Konstruktiounen opgerüst hunn, um Feier kachen an a geselleger Ronn zesumme liewen.

Wëlls du mat dobäi sinn,

da mell dech séier un!!

De Badge vum Camp

Et ass en Entworf vum Gilles Mausen aus den Dippecher Dachsen.

Maîtrise vum Camp :

D'Équipe déi de Camp wäert leeden:

- Ander Schmit
- Mike Kremer (Maki)
- Nathalie de la Fontaine
- Christophe Lampach (Kodiak)
- Marc Eyschen (Baribal)

Wéini ?

02. August - 12. August 2017

Fir Ween ?

- Scouten
- Explorer
- Rover
- Cheffen

Prais ?

- 500€ op de Kapp

1. Acompte vun 100€ sinn ze bezuelen bis de 17. Oktober 2016 op de Konto
FNEL-Camp fédéral 2017
BGL LU72 0030 3049 5319 0000
dësen Acompte ass „non-remboursable“

Dem Här säi Schlass

Campplaz :

Op der Sich no enger flotter Campplaz hu mer eis duerch sämtlech Plaze gewullt déi esou ze fanne waren. Fir eng flott a grouss Plaz ze fannen war keng einfach Aufgab fir eis Maîtrise.

Schlussendlech si mer awer fündeg ginn an hunn eng mega, flott a genial Plaz an Nord-Bayern fonnt, matten am Bësch an top geleeë fir e Scoutscamp. De lokale Grupp bei deem mir eis do wäerten 10 Deeg amuséieren, freet sech elo schonn op de Lëtzebuerger Besuch!

De Site ass esou opgedeelt, dass di eenzelen Sous-Campen sech wäerten op verschidde Camplazen, di am Bësch verdeelt sinn, befannen. Hei e klengen Abléck op de Site.

Adress :

Pfadfinderzeltplatz Sauloch
Collenberg 11
D-96450 COBURG

Wou kanns du dech umellen ?

Fir beim Sauvage 2017 kënne mat dobäi ze sinn, muss du bis spéitstens de 17. Oktober 2016 deng Souche un däi Gruppechef geschéckt hunn.

D´ Umeldung ass eréischt da gülteg wann's du deng Souche ofginn hues an d´Suen um Konto sinn.

Sauvage 2017 Umelldungssouche

Numm: _____ Virnumm: _____

Adress: _____

_____

Postcode: _____ Uertschaft: _____

E-Mail: _____ Grupp: _____

fnel scouts & guides